



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 4. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Infrastrukturminister weiderzeleeden.

Betreffs dem Contournement vun Hengescht op der N7/E420 war an der Äntwert op eng parlamentaresch Fro mat der Nummer 1408 matgedeelt ginn, datt een Virprojet (APS) géif fir d'Fréijoer 2020 präsentéiert ginn.

An dësem Kontext géif ech gär den Froen un den Här Infrastrukturminister riichten:

- 1) Wéi wäit ass de Plang vun dësem Contournement fortgeschratt a fir wéini ass mat enger eventueller Präsentatioun vun de Léisungsvirschléi ze rechnen.
- 2) Leit ewell een provisoreschen Timing zu dëser Realisatioun vir?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten